



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 5327 vum 2. Dezember 2021 vum Här Deputéierte Jeff Engelen iwwer d'Modernisatiouns- an Vergréisserungsarbechte vun der Gare Beetebuerg

1) Féiert d'Verzögerung op der Gare Beetebuerg och zu Verzögerungen op anere Baustellen am Beräich vum nationalen Eisebunnsnetz? Wa jo, wéi eng sinn dat?

D' Verzögerung vun der kommerzieller Inbetriebnahm vun der neier Streck téschent der Staat a Beetebuerg huet keng Auswierkungen op aner Projet'en. Zum aktuellen Zäitpunkt ass och de Projet op der Gare Beetebuerg onofhängeg vun allen anere Projet'en, déi an deem Zäithorizont geplangt sinn.

2) Bis weini muss d'Lëtzebuenger Regierung den internationale Partnerinstitutiounen, déi fir d'Reguléierung an d'Koordinatioun vun de grenziwwerschreidende Fuerpläng zoustänneg sinn, d'Detailer zu den neien Aschränkungen op a ronderëm d'Gare Beetebuerg fir d'Zäit vun de Bauarbechten, matdeelen? Kënnen dës Delaie respektéiert ginn?

D'Delaie, bis weini die eenzel Länner/Réseauen hier jeeweileg grouss Kapazitéitsaschränkunge koordinéieren an och publizéiere mussen, sinn an der Annexe VII vun der europäescher Direktiv 2012/34 virgesinn. D'Delaie gi respektéiert: Grouss Kapazitéitsaschränkunge gi fir de lëtzebuenger Réseau emol d'Joer vun der Administration des chemins de fer publizéiert.

Alleguerten dei Kapazitéitsaschränkungen, och déi vun der Gare Beetebuerg, ginn domadder esou koordinéiert dat, de Persouneverkéier rechtzäiteg Ersatzdéngschter ubidde kann a fir de Gidderverkéier Alternativtrassen (ggf. iwwer aaner Réseau'en) befuerbar sinn.

3) Kann den Här Minister matdeelen, op scho gewosst ass, op dës Verzögerungen Auswierkungen op d'Erreechbarkeet vum Beetebuenger Logistik Zenter iwwer d'Schinn wäerten hunn a wa jo, wéi eng?

D'Erreechbarkeet vun dem Beetebuenger Logistik Zenter ass onofhängeg vu Verzögerunge vun de geplangten Aarbechten iwwer de kompletten Zäithorizont vum zitéierte Projet garantéiert. Wann den direkte Wee net accessibel ass, gött den Trafic iwwer aner Strecken ëmgeleet.

4) Kann den Här Minister matdeelen, op scho gewosst ass, wéi eng Auswierkungen dës Verzögerung op den nationalen an internationale Persounentransport am Allgemengen an de Beruffsverkéier op der Eisebunn am Besonneschen huet a wéi eng Kompensatiounsmoossnamen aktuell geplangt sinn?

Eng Verzögerung vun den Aarbechten an der Gare Beetebuerg huet keng direkt Auswierkungen op den internationale Persounentransport. Wat den allgemenge Beruffsverkéier betrëfft kann d'Unzuel vun den TER-Verbindungen Lëtzebuerg-Frankräich eréischt mat der Inbetriebnahm vun der neier Streck tëscht der Staat a Beetebuerg signifikant erhéicht ginn. Während de Bauphase wäerte, wéi üblech, alternativ Fuerpläng souwéi punktuelle Busersatzdénngscht als Kompensatioun zu Kapazitéitsrestriktiounen um Eisebunnréseau agesat ginn.

Lëtzebuerg, den 28/12/2021

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch